ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 4. Februar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Fir déi technesch Kontroll vu Gefierer gëlle bei der SNCT zënter dem éischte Februar 2019 nei Tariffer. Fir Bensin- an Dieselgefierer kascht déi technesch Kontroll zum Beispill 52 Euro, bei historesche Ween souguer 69 Euro. D'Kontroll vu Gefierer gëtt domadder bis zu 44% méi deier wéi virdrun. Duerch des Präishaussë géif d'Qualitéit vum Service verbessert, heescht et. De Lëtzebuerger Konsumenteschutz huet haut gefuerdert datt déi gréisser Präishausse bei der SNCT direkt réckgängeg gemaach misst ginn a stellt d'Fro ob esou de gratis ëffentlechen Transport finanzéiert soll ginn .

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister stellen:

1. Huet d'SNCT d'Decisioun fir d'Tariffer ze héijen eegestänneg geholl ?

2. D'SNCT huet eng Iso-Zertifikatioun ISO/CEI 17020 a steet domadder fir héich Qualitéits-Standarden, trotzdeem soll mat der Präis-Hausse d'Qualitéit vum Service nach verbessert ginn. Wéi erkläert sech dat ?

3. Wéi reagéiert d'Regierung op d'Fuerderung vun der ULC fir d'Präishaussë bei der SNCT nees réckgängeg ze maachen?

4. Kann d'Regierung confirméieren dass et bei der Präishausse vun der SNCT net drëms geet fir de Gratis ëffentlechen Transport ze finanzéieren?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

5. Belaascht d'Hausse vun den Tariffer bei der SNCT net virop déi sozialschwaach Stéit déi op en Auto ugewise sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten